ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

> D'„Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek" huet sech den 21. Dezember 2021 enger Statistik ugeholl, déi eis virwëtzeg gemaach huet. Thema war d'Zuel vun den Dokteren op dausend Awunner, déi si fir Lëtzebuerg mat 2,98 uginn, wat wäit ënnert dem Welt-Durchschnëtt vun 3,22 an ënnert dem EU-Duerchschnëtt vu 5 läit. Aus eegene Recherchen hu mir dës ongeféier Donnéeën (je no Quell an Erfaassungsjoer variéieren d'Zuelen) graff confirméiert. Duerfir hunn ech dës Froen:

1. Wéi interpretéiert d'Regierung dës Zuelen? Ka si déi confirméieren? Wat bedeiten esou Zuelen am Hibléck besonnesch och op déi demographesch Entwécklung vum Land?
2. Wat mécht d'Regierung fir de Medezinstudium méi unzéiend ze maachen?
3. Wat mécht d'Regierung fir Lëtzebuerg fir Doktere méi attraktiv ze maachen?
4. Wéi vill Dokteren hei am Land hunn d'Lëtzebuerger Nationalitéit? Wéivill Dokteren, déi hei am Land praktizéieren, kënne Lëtzebuergesch gutt genuch schwätzen fir e Patientegespréich an eiser Sprooch ze féieren? Wéi gëtt Lëtzebuergesch bei den Doktere promouvéiert?
5. A wéi enge Spezialitéiten ass de Manktum un Dokteren am gréissten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten